



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 06. Mäerz 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

De Sport huet sech an de leschte Joren am Grand-Duché op eng ganz besonnesch dynamesch Aart a Weis entwéckelt. D'Resultater vun de Lëtzebuenger Sportler bei den "Spiller vun de kleng Länner", mee och bei groussen Eventer wéi der Qualifikatioun zur Fussball-Weltmeeschterschaft oder zur Fussball-Europameeschterschaft, sinn an de leschte Joren ëmmer besser ginn.

An engem Interview, deen den 29. Februar 2024 am Paperjam publizéiert gouf ("*On restera toujours un petit, mais...*"), erkläert de President vun der Fussball-Federatioun, de Paul Philipp: "*Aujourd'hui, le Luxembourg existe sur la carte du football. On restera toujours un petit. Mais le regard que l'on porte sur nous a changé.*" Lëtzebuerg brauch sech net méi géintiwwer deene groussen Natiounen ze schummen, an et gi mëttlerweil vill Disziplinnen, bei deenen et keng "kleng Natiounen" méi gëtt. Donieft ginn et Disziplinnen, wéi z.B. Dammefussball, déi sech zu Lëtzebuerg op eng ganz villversprechend Aart a Weis entwéckelen. Fir déi positiv Dynamik awer ze erhalen, musse mir d'Zukunft mat Luciditéit plangen an dobäi déi kommend Generatiounen optimal ënnerstëtzen.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zur Weiderentwécklung vum Sport fir zukünfteg Generatiounen duerleeën?
- 2) Wéi steet d'Regierung dozou, an d'Televisiounsrechter fir aner Sportarten ze investéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen  
Deputéierten



**Antwort vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°429 vum 6. Mäerz 2024 vun dem honorabelen Deputéierten Jeff Engelen.**

**1. Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zur Weiderentwécklung vum Sport fir zukünfteg Generatiounen duerleeën ?**

Meng Strategie fir d'Weiderentwécklung vum Sport ass op 5 Achsen opgebaut iwwer déi ech wëll gesamtgesellschaftlech wierken. Dëst sinn d'Declinisoun vum Koalitionsaccord a spigele meng Prioritéiten als Sportminister erëm. T'geet mir drëms de gesellschaftlechen Impakt vum Sport ze notzen, de Mouvement sportif, also d'Réckgrat vum Lëtzebuerger Sport, ze stäerken, a virun allem de Gesondheits-, Breeden a Fräizäitsport z'ënnerstëtzen. Hei wëlle mir d'Präventiounspotential vum Sport notzen an duerch eng erweidert Sportoffer d'Bewegung an der Populatioun ze fërderen. Donieft ass et mir awer och wichteg dem Leeschtungs- an Héichleeschtungssport, déi Mëttel zur Verfügung ze stellen, déi eis Toppathleten brauche fir och an Zukunft konkurrenzfäeg, notamment vis-à-vis vun den auslänneschen Athleten, ze bleiwen. D'Sportoffer soll also beschtméiglech ausgebaut ginn. Dofir brauch een natierlech funktional, respektiv multifunktional Sportsinfrastrukturen. An deem Sënn schaffe meng Leit aktuell un engem nationale Sportinfrastrukturkonzept. Dës Visioun ass natierlech just mat der Hëllef vun de Gemenge méiglech a sou wäert ech mech dofir asetzen dat den Austausch mat de Gemenge weider verstärkt gëtt a meng Servicer si beschtméiglech begleeden.

**2. Wéi steet d'Regierung dozou, an d'Televisiounsrechter fir aner Sportarten ze investéieren?**

Stand haut gëtt et keng Iwwerleeunge fir als Staat, an d'Televisiounsrechter fir de privat organiséierte Sport z'investéieren. De Choix vun der Iwwerdroung vu Sportsmanifestatioune fällt net an den Aufgabeberäich vun der Regierung.

**Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2024**

Le Ministre des Sports  
(s.) Georges Mischo